N°2269
Luxembourg, le 30.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 30.04.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 30. Abrëll 2025

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Ekonomie, Mëttelstand, Energie an Tourismus weiderzeleeden:

"Laut dem Koalitiounsaccord engagéiert sech d'Regierung den Oenotourismus an den Agrartourismus weider ze fërderen an zu engem feste Bestanddeel vun eiser lokalen Tourismus-Offer ze maachen. Sou soll zum Beispill e Wäinhaus zu Ehnen entstoen, wat representativ fir eis Muselregioun soll stoen. Ausserdeem soll och verstäerkt dru geschafft gi fir konventionell an och méi speziell Iwwernuechtungsméiglechkeeten am ländleche Raum méiglech ze maachen.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir d'Ekonomie, Mëttelstand, Energie an Tourismus follgend Froe stellen:

- A wéi engem Stadium befannen sech d'Planifikatioune vu wichtege Projeten ewéi dem Wäinhaus zu Ehnen oder der „Maison du vin et des produits régionaux“ zu Bréissel?
- Ginn et scho konkret Iddi'e wei een d'Verfügbarkeet vun Iwwernuechtungsméiglechkeeten am ländleche Raum gestalte kann?
- Sinn am Kader vun dëse Projeten och Partnerschafte mat privaten Acteure virgesinn?
- Sinn finanziell Ënnerstëtzungsmoossname fir ländlech Betriber oder Privatleit, déi Iwwernuechtungsméiglechkeeten ubidden, geplangt?
- Sinn, zu dësem Zäitpunkt, scho Projeten ofgeschloss?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten